



muss een och säin Deel, säi Fair Share vum Burdensharing eeben iwwerhuelen.

Als Grënnungsmitglied vum der NATO komme mer eisen Engagementer zënter iwwer 70 Joer no. Dat ass scho gesot ginn. An ech mengen, dass mer heimadder, mat dësem klengen Dossier awer och e Punkt setzen, fir dat och an Zukunft weiderhin esou ze maachen.

Et ass, wéi gesot, e ganz techneschen Dossier, deem ech awer gäre géif méi e generelle Message hannendruschécken, nämlech dass och bei der militärescher Mobilitéit verstärkt misste Klimaschutz-Consideratiounen eng Roll spillen. Obwuel gewosst ass, dass de Klimawandel eng vun deene gréisste Menacen ass, déi eis fir d'Zukunft erwaarden, spillt dat am Fong geholl nach keng grouss genuch Roll an den Iwwerleeungen. An hei misst d'NATO och mam gudde Beispill virgoen.

► **Une voix.**- Jo!

► **Mme Stéphanie Empain** (*déi gréng*).- Ceci dit, ginn ech och vun der grénger Fraktioun eisen Accord fir dëse Projet de loi.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Empain. An da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser** (*ADR*).- Jo. Villmools Merci, Här President. Ech weess net, ob ech dee richtegen Toun elo ka geroeden, well ech nach ënnert dem Androck sti vun de Lueweshymne vun der Sozialistescher Partei an deene Gréngen op d'NATO. Et ass eppes, wat ech viru Joren net fir méiglech gehalt hätt.

(*Hilarité*)

Dofir sinn ech e bësse verwonnert a probéieren awer, déi puer Messagen eriwuerzebréngen, déi mir als ADR wëlle soen. An ech fänken u mat engem grousser Merci un d'Madamm Mutsch. Si huet wierklech e ganz komplette Rapport gemaach.

Et ass awer esou, dass ee muss wëssen, an do sinn ech och mam Här Mosar enger Meinung, dass e Memorandum of Understanding, geméiss der Jurisprudenz vun eisen héchste Gerichter, ëmmer muss der Chamber virgeluecht ginn, fir ratifizéiert ze ginn. Et ass hei gesot ginn, mir sollten dat nach eng kéier diskutéieren an der Institutionekommissioun an an den Affaires étrangères, mee u sech ass do net vill ze diskutéieren.

Mir als Parlament an och als ADR an dem Parlament wäerten drop halen, dass d'Prerogativ vum der parlamentärescher Demokratie hei respektéiert ginn. Wann d'Regierung en internationalen Accord trëfft, egal wéi dee genannt gëtt, gehéiert en an d'Parlament, fir dass d'Parlament kann dozou eng Decisioun huelen.

Eng zweet Bemierkung betrëfft den Inhalt vun deem, wat d'Madamm Mutsch eis beschriwwen huet. Dat ass den Artikel 7, mengen ech, vun deem Memorandum of Understanding, wou et ëm Indemnisioune geet. An do ass et einfach wichteg, och am Sënn vun der Akzeptanz vun der militärescher Aktioun, vu Manövern a vun aneren - dat ass vläicht eng Iddi fir lech, Här Minister -, dass mer am Militärbudget ëmmer eng Linn hunn, déi speziell och Schied kann direkt a séier kompenséieren, déi beim Manöver entstinn.

Ech hat dat fréier emol matgemaach, wou ech selwer nach där Schied verursaacht hunn an enger anerer Funktioun. An ech kann lech soen, dass vill Baueren net frou sinn, wa Gefierer vun der Arméi do derduerch fueren an e Schued verursaachen. An et dauert heiansdo ganz laang, bis Indemnisioune kommen. Dat soll net sinn! Wann e Manöver iergendwou ass, da sollen de Leit, fir dass se dat och akzeptéieren, dass d'Militär do evoluéiert, Kompensatioune kënnen ganz séier an onproblematesch bezuelt ginn.

En drëtten Punkt, deem ee vläicht kann ernimmen, ass déi Saach vun de Sproochen. Ech mengen, mir sollten eis drun erënneren, dass den NATO-Vertrag a sengem Artikel 14 ee Prinzip enoncéiert, nämlech dass Englesch a Franséisch « font foi ». Déi zwou Sproochen!

Et ass dofir eng Entwécklung, déi net ganz glécklech ass, wa mer elo higin a mir hunn nëmmen nach Englesch als legal Grondlag am Fall vun Interpretationsdivergenzen. Dat entsprécht weeder der diplomatescher Geschicht nach eigentlech der Sproochereeglung an der NATO selwer. A mir sollten net higoen an eis an eng Situatioun erabréngen, wou eng Sprooch, déi net zu deenen administrative Sproochen vun eise Land gehéiert, eis schlussendlech imposéiert gëtt, fir Differenzen ze negociéieren.

Ech mengen, et ass och e Franséisch ... Ech weess net méi, ob et de Général de Gaulle war, et kann hien awer gewiescht sinn, dofir sinn ech visichteg bei der Citatioun, mee de Saz ass ganz gutt a mir sollten eis en och mierken: « Nous sommes des alliés [...], mais nous ne sommes pas [des] alignés [...] ». An ech

mengen, an deem Sënn gesi mir och eis Particiatioun an der NATO: Mir si gutt Alliéierter, awer mir sinn net alignéiert. Mir sinn net einfach Leit, déi dat maachen, wat anerer eis wëllen diktéieren.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kartheiser. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech kann den Här Kartheiser berouegen: Am Géigesaz zu de sozialistesche Kollegen an de Grénge wäerte mir him als Feindbild erhale bleiwen.

(*Hilarité*)

An eis NATO-Kritik, déi mer an der Vergaangenheet scho méi wéi eng kéier geäussert hunn, huet nach ëmmer hir Berechtigung, op jidde Fall an eisen Aen.

Och wa mer et hei mat engem Gesetzestext ze dinn hunn, deen an der Realitéit keng grouss Implikatiounen op Lëtzebuerg wäert hunn, ass et nawell sou, dass en eng Affirmatioun an eng Confirmatioun zu deem Engagement innerhalb vun der NATO gëtt, wat mir, wéi gesot, sou an där doter Form net droe kënnen.

Der Madamm Empain hir Wieder, dass een och dem Klimawandel an der Oprëschtungspolitik soll gedenken oder dee mat considéieren, fäerten ech ganz, wäerten an där aktueller Oprëschtungsspiral, leider Gottes, just waarm Loft sinn, well d'Empreinte écologique vun Militär ass alles anescht wéi virbildlech; wann een et just aus där doter Perspektiv wëllt kucken.

Duerfir, dëst gesot, och déi an der Vergaangenheet oft diskutéiert Verflichtung zum Oprëscht, zur Augmentatioun vun de Budgeten, zu där Lëtzebuerg sech och zënter 2014 beim Sommet vu Wales verflucht huet, deem sti mir extreem kritesch géintwuer a wäerten dofir aus deene Grënn och dëse Projet net matstëmmen.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Merci, Här President. Merci, Madamm Mutsch, fir den exzellente Rapport. Mir kënnen d'Regierung hei luewen, well se eng kéier a voller Transparenz an an enger oppener Politik mam Dossier an och mam MoU an d'Chamber komm ass. Mir géifen eis wënschen, dass dat och an Zukunft wäert de Fall sinn an d'Chamber iwwer alleguerten déi MoUe kann decidéieren.

An deem Fall wäerte mir och wéi bei dësem Projet elo eis Zoustëmmung vun de Piraten ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Goergen. D'Regierung huet d'Wuert, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Défense*.- Här President, Merci alle Riedner fir hire Bäitrag. Ech muss soen, ech wëll mech net amëschen elo an déi Diskussioun, déi an der Chamber leeft iwwert déi sougenannten MoUen a wéi d'Regierung déi muss publizéieren, ratifizéieren, ob se e Gesetz ginn oder net. Ech mengen, den Här Kartheiser huet elo eng Meinung gesot, et gëtt vläicht och nach anerer ... warscheinlech och nach anerer. D'Chamber soll dat kucken an d'Chamber soll der Regierung soen, wéi se dat gären hätt.

Ech wëll lech awer soen, dass et e weesentlechen Ennerscheid gëtt tëscht deem MoU hei, dee mer an e Gesetz jo abréngen, an deem, wat do an der Diskussioun ass. Dir hutt hei en MoU, deem ass e Gesetz virausgaang, an zwar net dat mannst Gesetz. E Gesetz, wat mer effektiv iwwer en NATO-Accord hu misse ... oder wat mer gestëmmt hunn, wou et ëm de Statut geet vun de Quartiers généraux militaires an hirem Personal.

Dat heescht, et gëtt eng gesetzlech Basis hei. An deem MoU, deen hei ënnerschrifwe ginn ass, deen eigentlech awer zwar elo näischt Weesentleches méi un deem Text ännert, dee just eng Rei Saache méi nach festleet, awer näischt Neies festleet, dee mécht eng direkt Referenz op eng besteeënd Gesetzgebung oder op en internationalen Accord. An dat ass e groussen Ennerscheid.

Duerfir hu mer hei misse higoen an effektiv deen MoU och an d'national Gesetzgebung, déi besteet, integréieren. Also, dass ass ganz kloer eppes anescht, wéi wann elo e Minister iergendwou higeet an en onverbindlechen MoU, wat jo eigentlech just eng Absichtserklärung ass zu eppes, ënnerscheift, wou et keng gesetzlech, weeder international nach national, Basis gëtt. Also, dass ass eng grouss Differenz. Mee bon, soit!

Ech wëll awer elo déi Diskussioun haut net féieren. Ech mengen, haut gi mer jo an deem Sënn deem gerecht, wat mindestens déi 60 Deputéiert oder, pardon, entschëllegt, déi 58 Deputéiert, déi hir Zoustëmmung ginn, gären hätten. Dofir wëll ech der Chamber Merci soe fir déi breet Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7454. Den Text steet am Document parlementaire 7454².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7454 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Nee-Stëmmen ugehall.

Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Martine Hansen), Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou decidéiert.

12. 7496 - Projet de loi relative à la réalisation des infrastructures et aménagements pour la Capitale européenne de la Culture 2022 à Belval

Mir kommen elo zum Projet de loi 7496 iwwert d'Infrastrukturen an d'Ariichtungen zu Belval fir d'Kulturjoer 2022. D'Riedezeit ass nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Serge Wilmes, den Här Pim Knaff, den Här Dan Biancalana, den Här Gast Gibéryen an den Här Baum Marc. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Mëtteg geet et drëm, fir de Projet de loi 7496 hei virzestellen an dann och zum Vott ze kommen. Dee Projet de loi ass „relative à la réalisation des infrastructures et aménagements pour la Capitale européenne de la Culture 2022 à Belval“.

An deem Projet de loi mat véier Artikelen geet et drëm, der Regierung d'Autorisatioun ze gi fir:

- d'Realisatioun vun den Infrastruktur- an den Amenagementsaarbechten um Site vu Belval-West, déi noutwendeg sinn, fir d'Organisatioun vum Kulturevent Esch 2022 respektiv „Esch - Capitale européenne de la Culture 2022“ duerchzeziehen;
- d'Infrastruktur- an Amenagementsaarbechte gi realiséiert vum Fonds Belval;
- d'Enveloppe budgétaire ass fixéiert op 35,33 Milliounen, Bauindex Abrëll 2019;
- an déi betreffend Ausgabe ginn imputéiert op Kreditter vum Budget des dépenses vum Ministère vun der Mobilitéit an den Travaux publics.

D'europäesch Hauptstied vun der Kultur ginn zënter 1985 järelech organiséiert mat dem Zil vum Rapprochement tëschent den europäesche Vëlker an dem kulturellen Austausch.

Lëtzebuerg war 1995 fir d'éischte kéier europäesch Kulturhauptstad, dann 2007 eng zweete kéier ënner Abëzierung vun der Groussregioun. Am Joer 2022 gëtt déi zweetgréisst lëtzebuergesch Stad, d'Stad Esch/Uelzecht, europäesch Kulturhauptstad. Iwwerens - an dat steet elo net a mengem schrëffleche Rapport - zesumme mat der zweetgréisster litauischer Stad Kaunas.

D'Auteurs vum Projet de loi ënnersträichen am Exposé des motifs, dass „Esch - Capitale européenne de la Culture 2022“ wäert eng nei Bün si fir d'Presentatioun vun der Regioun duerch déi vergréissert Visibilitéit um europäeschen Niveau an d'Opportunitéit, d'lëtzebuergesch Kulturzeen engem grouss Publikum zougänglech ze maachen, dëst - a wat net ze vergiessen ass - verbonne mat der Méiglechkeet, eis industriell Geschicht mat an d'Kulturevenementer anzebauen an och anzebannen.

Wat fir ee Standuert a wat fir eng Gebaier si vun dësem Projet de loi viséiert?

D'Disponibilitéit vun den Terrasse vun den Héichiewen vum Standuert West-Belval, deen Elementer vun eise industrielle Patrimoine souwéi vun zäitgenëssescher Architektur begriift, sollten et erlaben, net nëmmen d'Programmer nëtzlech iwwert dee ganze Site ze verdeelen an d'Kulturprogrammierung an den Alldag vum Quartier ze integréieren, mee och fir een authentesch kulturelle Parcours auszeschaffen.

Déi kulturell Jore vun 1995 an 2007 hunn den Impakt bewisen, deen zougesechnidden Infrastrukturinvestitiounen kënnen hunn. Déi kulturell an artistesch Programmer wäerten op deem ganzen urbane Site entwéckelt ginn, fir déi verschidde Plazen, Gebaier an Elementer vum industrielle Patrimoine op der Terrasse des hauts fourneaux zesummenzebréngen.

Um Site Belval-Ouest ass dofir virgesinn:

- d'Mëllerei. Ech erklären lech och, wat Mëllerei ass: Dat ass déi Plaz, wou d'Matière première, dat heescht d'Eisenärz an de Koks gelagert goufen an och gemëscht goufen, ier se an den Héichuewen eropgezu goufen;

- d'Massenoire, d'Gebai, wou d'Masse noire, also déi schwaarz Mass, zoubereet gouf, fir d'Couléen erm zouzemaachen. Dat heescht, den Héichuewe gouf opgemaach an dann ass jo de Stol erausgelaf komm an dann huet dat jo erm eng kéier misse zougemaach ginn. An do gouf dann eng Masse noire benotzt. A wann der haut op Belval gitt, da gesitt Der, do ass ee Gebai, do steet „Massenoire“, hu verschidde Leit mer gesot. Mee dat heescht u sech „Masse noire“. Gutt!

- d'Surface vun der Coulée an d'Fundamenter vun den Héichiewen A an C nei ëmzebauen an ze restauréieren.

De Pavillon Skip, dee giele Pavillon, deen de Moment nach um Rond-point Raemerich steet, gëtt eropgeplënnert. Pour la petite histoire, och do eng Explikatioun: Skip waren déi Charrioten, déi d'Eisenärz an de Koks op den Héichuewe bruecht hunn.

Prefabrizéiert Strukture wäerten d'Ariichtungen an aner Wierker ergänzen.

Erlaabt mer a mengem Exposé hei d'Mëllerei, a speziell wat do soll oflafen, e bësse méi genee ze belichten.

D'Mëllerei kritt d'Funktioun vun engem Digital Space a gëtt de Pôle culturel digital vun Esch 2022. De Süddeel vun der Mëllerei, deen nach net restauréiert ass, gëtt an een Digital Space amenagéiert. An deen erlaabt hei, eng interaktiv an transdisziplinär Approche ëmzesetzen. Et wäert d'Hauptplaz vun der kultureller Programmatioun ginn a soll et erlaben, eng ganz Panoplie vun Objektiver a Funktiounen ze assuréieren:

- Do denkt een natierlech an éischer Linn un Ausstellungen. Hei wäerten all méiglech digital Techniken kënnen agesat ginn: Projekteren oder Beameren, LED-Ecranen, verschidde Liichtinstallatiounen.

- Dann Experimentéieren an Erfannen. Den Digital Space ass net nëmme virgesinn, fir mat neien digitalen Ausstellungsformen ze beandrocken, mee och eng ganz Kreativitéit a Kreatioun ze encouragéieren.

- Musek, Theater, Performancekonscht sollen hei vertruede sinn. Den Digital Space mat senger Transmedia-Vocatioun wäert den Inkubator vun neie kulturelle Formen sinn. Remix tëschent klassesche Genren.

- Eng weider Funktioun ass d'Eduquéieren. Den Digital Space wäert och als nei Quell vun Informatioun a Formatioun dënge mat senger Flexi-



bilitéit a sengen Inhalter. Zousätzlech zu der Funktioun vum digitale Kulturpol wäert d'Mëllerei an deem Kontext och als pedagogesche Raum benotzt ginn, fir de Fonctionnement vum Héichuewen A ze erklären.

- Een Informationspunkt an een Ticketbüro ginn an der Haaptentree installéiert, genee wéi och sanitär an technesch Raimlechkeeten.

- D'Mëllerei wäert eng Ausstellungsfläch vu ronn 375 m² op verschiddenen Niveauen ubidden. D'Gebai huet nämlech eng Héicht vun ongeféier 26 Meter.

- Eng Verbindungsbréck, géeege fir Leit mat reduzéierter Mobilitéit, wäert och ee Lien tëschent dem Plancher vun de Coulees du haut fourneau A an der Mëllerei maachen.

Fir all déi aner viséiert Gebaier verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

De Conseil d'État huet bei deem Projet keng Opposition formelle formuléiert. En huet awer eng Rei Recommandatioune legistescher Natur ausgeschwat. Déi Propositionen huet d'Kommissioun och iwwerholl.

Dese Projet de loi gouf den 12. November 2019 deposéiert. De Staatsrot huet den 20. Dezember 2019 säi favorablen Avis dozou ofginn. An d'Kommissioun huet de schrëftleche Rapport, deen lech hei virläit, an der Sëtzung vum 30. Januar 2020 ugeholl.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimadde den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **Mme Djuna Bernard** (*déi gréng*).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back. Als éischte Riedner ass den honorablen Här Serge Wilmes agedroen. Här Wilmes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes** (CSV).- Merci, Här President. Fir d'éischt mol dem Rapporteur villmools Merci fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport. Ech mengen, e war ganz detailléiert agaangen op déi eenzel Investitiounen, déi hei gemaach gi vum Staat, besonnesch dann eeben um Belval, eng Héichuewen-Terrass fir déi Infrastrukturen, déi kulturell virun allem do gebraucht ginn, fir Esch 2022 zu engem Succès ze maachen, fir déi eebe kënnen ze restauréiere respektiv eeben esou à jour ze setzen, datt se kënnen dann herno benotzt ginn an datt se och erhale bleiwen.

Dat ass jo, mengen ech, e ganz wichtege Aspekt, datt et net just ass, wéi de President vun der ASBL dat gäre seet, fir ee Joer laang Party ze maachen, an duerno ass et eriwuer. Mee et soll eppes bestoe bleiwen. En huet ganz Recht domadder, sou wéi dat jo och de Fall war an der Stad 1995 an 2007. Zum Beispill d'Rotonden, déi erhale bliwwen sinn; fir nëmmen ee Beispill ze nennen. Ech mengen, hei sinn Investitiounen, déi iwwer 2022 wäerten erausgoen. An dat kënnen mer natierlech nëmme begrëissen.

An dofir ënnerstëtze mer dat a mir wënschen natierlech och vum Häerzen Esch 2022 e grouse Succès.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wilmes. An dann ass et um honorablen Här Pim Knaff. Här Knaff, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Pim Knaff** (DP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Escher Kulturschaffen ass dës natierlech e Projet, dee mir besonnesch um Häerz läit. De Minett ass den Ursprung vun deem, wat mer haut Lëtzebuerg nennen. Ouni de Minett wär Lëtzebuerg a senger haiteger Form net virstellbar.

Esch 2022: Et ass déi drëtte Kéier, datt d'Kulturhaaptstad zu Lëtzebuerg op Besuch ass. 1995 huet et deemools erlaabt, d'Kultur hei am Land zerguttst ze relancéieren. De Secteur profitéiert haut nach dovunner.

2007 huet Lëtzebuerg dunne a Kollaboratioun mat der Groussregioun a mat Sibiu aus Rumänie fir d'zweet d'Kulturhaaptstad presentéiert.

Elo an zwee Joer wäert Esch dann zesumme mat den eefel Gemenge vum PRO-SUD, der Communauté des communes vum dem Pays Haut Val d'Alzette - d'Uelzecht huet hir Quell bei de franséischen Noperen -, a mat der litauischer Partnerstad Kaunas d'Kulturhaaptstad organiséieren.

Dat ass eng formidabel Erausforderung a gläichzäiteg eng Chance, fir d'Kultur an d'Kulturinfrastrukturen, em déi geet et jo hei an deem Gesetzesprojet, mëttel- a laangfristeg ze pushen. All dat passt gutt zu deene grou-

sen Investissementer an Efforten, déi d'Regierung mécht fir de Renouveau vun Esch a vum Süde vum Land.

Ech wëll an deem Kontext awer och ervirsträichen, datt d'Stad Esch hire Kulturbudget dës Joer drastesch erhéicht huet: 25 Milliounen am Ordinaire - 14 % -, 30 Milliounen am Extraordinaire - 20 %.

De Projet Esch 2022 dierf een also net isoléiert betruechten. Et muss een och aner Projekte mat abezéien, déi d'Regioun wäerten no vir bréngen. Ech denken do kuerzfristeg un d'Vélos- an d'Foussgängerbréck tëschent Belval an dem Zentrum vun Esch, déi fir d'Kulturjoer soll fäerdeg sinn, méi laangfristeg un de Plang, fir Esch an d'Stad mat dem séieren Tram ze verbannen.

D'Stad Esch ass ee vun den Zentre vum der Lëtzebuerger Kultur, besonnesch wat déi Alternativen a Jugendzeen betrëfft. Esch, direkt un der franséischer Grenz geleen, war nach ëmmer e reegelrechte Meltingpot. Dat huet natierlech seng Auswierkungen op eng Kultur, déi zanter jeehier vun deene verschiddensten Aflëss gezechent war. Dat ass Multikulturalitéit am beschte Sënn vum Wuert.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Kultur vum Minett ass déif verankert an de Mienen, an de Schmelzen, an der Stol- an Eisenindustrie. Op ville Plazen am Süde stinn haut nach d'Zeien, datt d'ARBED net nëmmen de wirtschaftleche Motor vum Land war, mee och eng national Institutioun.

Dës Zeie si virun allem Gebaier, grouss, markant an impressionnant Bauten, wéi zum Beispill d'Héichuewen, d'Kiltiorm oder nach d'Gebléishal zu Esch/Belval. Wéi kaum eppes aneres hunn dës Gebaier d'Landschaft am Minett gepräagt. Se hunn iwwer laang Joren deser Géigend hir Identitéit definéiert. A si sinn haut nach wichtege Zeie vun engem ganz wichtege Deel vun der Lëtzebuerger Geschicht.

Déi industriell Kultur vun de Gemengen am Minett, sief et op deser oder op där anerer Säit vun der Grenz, ass net ze trenne vun deenen architektonesche Vestigen. Am Kader vun den Aktivitéiten vum Kulturjoer stellen d'Gebaier um Belval wéi d'Mëllerei, d'Massenoire, d'Héichuewen dofir zentral Elementer duer, déi gläichzäiteg Kuliss an och Objet vun der Aussenanersetzung sinn.

Duerch e geziilt Reamenagement ginn déi eenzel Gebaier revaloriséiert. Si kréie quasi en zweet Liewen. Ech denken hei zum Beispill un d'Mëllerei, déi am Moment jo nach net fir d'Effentlechkeet zougänglech ass. Well och dat ass e wichtege Aspekt. Déi meescht kennen déi Gebaier vu baussen aus der Distanz, mee wuel déi mannst hate bis elo d'Chance, se eng Kéier vu bannen ze erliewen. Op déi Manéier ginn déi Gebaier am Kader vum Kulturjoer och fir d'Effentlechkeet opgemaach.

D'Mëllerei wäert mat hirem Digital Space d'Häerzstéck vun Esch 2022 ginn, wou e grousen Deel vun de kulturellen Aktivitéiten wäert organiséiert ginn. Et ass och dat Gebai, wou déi opwändegst Embauearbechte realiséiert ginn. Wéi den Numm et seet, wäert hei vill op déi digital Technologie gesat ginn.

Gläichzäiteg gëtt och d'Bréck geschloen tëschent Vergaangenheet an Zukunft, tëschent industrieller an digitaler Revolutioun. Déi alle béid d'Aart a Weis fir ze liewen an ze schaffen, jo, eis Kultur déif gräifend beaflosst hu respektiv beaflosse wäerten. Dës zentral Roll vun der Mëllerei spigelt sech och an de Käschten erëm, sou wéi se d'Fiche financière vun deem Gesetzesprojet festhält. Mat hiren 12,3 Milliounen stellt d'Mëllerei labber deen déckste Posten insgesamt an och méi wéi d'Hallschent vun de Baukäschten duer.

Ausser der Mëllerei ginn nach aacht weider Gebaier gebaut respektiv ausgebaut wéi d'Massenoire, déi jo elo scho genotzt gëtt fir Ausstellungen. An Zukunft wäert dat Gebai amenagéiert ginn an et kommen nach Installatiounen derzou.

Et ass e ganz wichtege Projet fir Esch an dee ganze Minett. An dofir géif ech am Numm vu menger Fraktioun och den Accord ginn.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Knaff. Den nächsten ageschriwene Riedner ass den honorablen Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana** (LSAP).- Merci, Här President. Ech wëll virop dem Här Back Merci soe fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Ben, déi Investor, déi mer haut hei stëmmen, an Héicht vu 35,3 Milliounen Euro si wichtege, well se schlussendlech nieft der Kulturhaaptstad dem ganze Minett, der ganzer Südregioun fir 2022 zeguttkommen. An et gëllt jo nieft der kultureller Programmation och, d'Gebai-lechkeete kloer ze notzen. Mat dem Invest,

deen de Staat hei tätet, gëtt natierlech den industrielle Patrimoine um Site Belval weider valoriséiert a kritt zousätzlech Funktiounen, zousätzlech Affektatiounen, a grad dat eeben am Kader vum Kulturjoer.

Ech wëll awer och ervirsträichen, dass et an deenen anere Gemengen, déi bei deem formidabele Projet vun der Kulturhaaptstad matmaachen, och eng Rei Gebaier gëtt, déi dem industrielle Patrimoine zouzeschreiw sinn. An et gëllt, och déi fir 2022 a Betruecht ze zéien an och finanziell an hir Erhaltung ze investéieren, well si ganz kloer zu der Identitéit vun der Südregioun, vum Kulturjoer an och doriwwer eraus bäidroen. Och si sinn Zeie vun der industrieller Vergaangenheet vun der Südregioun.

Also, haut ass eng eemoleg Chance fir de Minett mat deem Projet de loi, dee mer hei stëmmen. Mir setzen hei weider Akzenter a ginn deemno och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Biancalana. An da wier et um honorablen Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här President. Ech wëll och vun eiser Säit aus dem Kolleeg Carlo Back Merci soe fir säi gudde Rapport, deen en eis gemaach huet. Ech mengen, en ass esou an den Detail eragaangen, virun allem och hei am Mëndlechen, en huet dat formidabel gutt erkläert, soudatt een zum Projet selwer näischt méi brauch ze soen. An duerfir wëll ech och vun eiser Säit aus d'Zoustëmmung brénge fir dese wichtege Projet, wat e wichtege Projet fir d'Kultur ass, net nëmmen am Süden, mee, ech géif mengen, fir eist ganz Land.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gibéryen. An ech ginn d'Wuert direkt weider un den honorablen Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Ech wëll dann och dem Rapporteur Merci soe fir seng Explikatiounen. Mer wëssen dann elo alleguer: Masse noire ass do, wou och „Massenoire“ drop steet. Sou si mir am Minett: vun der Long op d'Zong. Sou einfach ass et.

(Hilarité)

Wou „Massenoire“ dropsteet, ass och Masse noire dran.

(Hilarité)

Här President, ech si frou, datt mer dese Projet vottéiere kënnen. Mir als Lénk wäerten deen natierlech och ënnerstëtzen. Et ass eng Investitioun an d'kulturell Infrastruktur vum Minett. Woubäi een awer vläicht kritesch bemierke kann, datt méi där Investitiounsprojeten eigentlech am Koalitionsaccord drastounge fir de Süden, nämlech nach zwee weiderer: Dat war d'Gebléishal an d'Filmindustrie zu Diddeleng.

Zwee Projeten, déi aus ënnerschiddleche Grënn net realiséiert ginn, wat mer ganz staark bedauern. Duerfir menge mer, datt dat hei zumindest awer en Invest ass fir Esch 2022 an domadder och fir déi ganz Südregioun, dee sech lount. Woubäi et, mengen ech, awer net einfach nëmme soll als Kompensatioun verstane ginn.

Dës gesot, hoffen ech oder kann ee just hoffen, datt de President vum Verwaltungsrot vun Esch 2022 eppes anescht gemengt huet, wéi e virun e puer Wochen an engem Interview gesot huet, am Februar géifen eis alleguer d'Aen an d'Oueren opgoen, wa mer vun Esch 2022 héieren. Mir sinn de Moien d'Aen an d'Oueren opgaangen. An ech hoffen, datt en eppes anescht domadder gemengt huet wéi dat, wat ech haut héieren a gelies hunn.

Merci.

► **M. David Wagner** (*déi Lénk*).- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. An als leschte Riedner steet den Här Marc Goergen prett. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (Piraten).- Här President, als Awunner vun enger vun de Südgemengen, déi och bei Esch 2022 wäert matmaachen, der Gemeng Péiteng, sinn ech also net ganz neutral an deser Diskussioun. An dobäi sinn ech och nach e Fan vum Projet a vun der Chance Esch 2022 fir eis Südgemengen, awer och fir eist ganz Land.

Dofir ass et keng Iwwerraschung: D'Piraten wäerten dese Projet fir d'Erweiderung um Belval natierlech matdroen. Hei kennt als Bonus nach derbäi: Et handelt sech ëm eng Opwäertung vum Belval, an dat net nëmme fir Esch 2022, mee och fir duerno.

Dat passt och ganz kloer an eise Wonsch, fir méi dezentral am Land kënnen Projeten ze reali-

séieren. De Site Belval soll, wéi och eng Nordstad oder eis Haaptstad, d'Stad Lëtzebuerg, d'Land ergänzen. Dofir ass et wichtege, an dës Zon ze investéieren. Dofir brauch een Infrastrukturen, déi herno vum Bierger a vum klinge Commerce kënnen genotzt ginn.

Mir maachen awer och drop opmierksam: Et dierf een net de Feeler maachen, all d'Efforten nëmmen op Esch 2022 ze fokusséieren, mee och weider duerno an d'Entwécklung vum Belval ze schaffen. Virun allem soll sech d'Liewensqualitéit vun de Bierger nom Event um Belval verbessern. Mir géifen eis dofir och wënschen, dass an Zukunft de Belval net nëmmen op internationale Commerce ausgeluecht ass, mee et eng Plattform ass, fir sech ze treffen, Spaass ze hunn an eppes ze erliewen. Et feelen hei zum Beispill nohaltege Shoppingkonzepter. An et wär zum Beispill denkwäert, méi nohaltege Butteker op der Plaz ze ënnerstëtzen.

Et wär flott, wann een aus dem Belval en Erlebnis kéint maachen, och no Esch 2022. Dofir muss een nëmmen a verschidden aner Stied kucke goen, wéi si hir Industrieewen a cooler Form verännert hunn.

Des Weidere wär et och immens wichtege, de Site Belval an Zukunft nohaltege opzestellen an als Staat derfir ze suergen, dass méi effentlech Verwaltungen um Site Belval ugesidelt ginn. Well et geet net nëmmen duer, Nation Branding um Site Belval ze bedreiwen, ouni d'Plaz selwer mat Liewen herno ze féllen. Domadder schafft ee keng Kultur. Kultur ass als éischt eng Ausdrucksform dovun, wéi Mënschen op enger Plaz liewen. Dofir muss d'Plaz awer mat Liewe gefüllt ginn. Dat géif dann och erëm dem Commerce zeguttkommen, well déi Fonctionnairen natierlech och do iessen an akafe ginn.

Dofir soe mir Piraten: „De Belval ausbauen, jo, mee derfir suergen, dass hannendrun nach eppes nokënn.“ Zesumme baue mir also um Site Belval déi richteg Strukturen, fir esou der Geschicht an der Wichtegeet vun eiser Stollindustrie och an Zukunft ze gedenken.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen. An dann huet d'Regierung d'Wuert. Den Här Bausch, wannechgellift.

Prises de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci, Här President, a Merci dann den Deputéierte fir déi unanime Zoustëmmung fir dee Gesetzesprojet hei.

Ech mengen, dat ass e Projet, dee wirklech, wéi et och scho gesot ginn ass sougutt vum Rapporteur, deem ech och Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport, wéi och vun den Deputéierten alleguer, net nëmme fir 2022 wichtege ass, mee och fir de Belval. Well déi Projeten, déi mer hei maachen, hätte mer souwisou gemaach. De Fonds Belval hätt déi just méi spéit realiséiert. Mir hunn dat eebe weinst 2022 virgezunn a well dat hei sech gutt erginn huet, fir do och ze kucken, den Haaptdeel vun de Kulturaktivitéiten do ze konzentréieren an deem, wat mer do vu Patrimoine hunn. Ech mengen, dat war eng gutt Léisung.


Dir wësst och, datt am Ufank vun der Legislaturperiod eng Rei aner Alternative gekuckt gi sinn.

An ech wëll dem Här Baum och soen - en huet d'Gebléishal ugeschwat -: Et stoung net am Koalitionsaccord dran, datt mer schonn e fäerdege Projet fir do dran hätten. Dat Eenzegt, wat mer drastoen hunn, ass effektiv, datt mer d'Gebléishal wëllen erhalen, datt mer domadder eppes wëlle maachen.

An effektiv ass et och esou: Also, am Ufank hu mer gekuckt fir d'éischt, ob een net hätt kënnen fir d'Kulturjoer eppes do dra maachen. Mee d'Analysen hunn awer erginn, datt dat, wat vun Aarbechten ze maachen ass an der Gebléishal, esou substanzuell ass, datt mer dat net gepackt hätte bis 2022. An duerfir hu mer dann no enger anerer Léisung gesicht. An duerfir, de ganz dynameschen Direkter vum Fonds Belval, deen och ganz kulturell interesséiert ass, huet mer eng Kéier déi heite Propos gemaach. An ech hunn déi mat der Kulturministesch ofgeschwat an du mat der Regierung. An dann hu mer fonnt, datt dat doten eng gutt Léisung wär, och mam Escher Buergermeeschter zesummen, fir dat doten ze maachen.

An ech mengen, de Projet gëtt wirklech ganz flott. An deem Sënn erwaarden ech mer net nëmmen effektiv fir 2022 e flotten Espace, mee och fir doriwwer eraus flott Saachen.

Mee ech wëll lech awer soen: Déi aner Saache sinn net vergiess. Mir schaffen och dru fir ze kucken, wat mer do kënnen maachen. Well ech ginn lech Recht: De Süden huet en immensen industrielle Patrimoine. An do sinn nach vill Plazen, wou mer viles domadder kënnen maa-



chen, fir datt och am Süden d'Attraktivitéit vun der Regioun méi grouss gëtt.

Ech wëll och dem Här Goergen soen, wann en hei e Plädoyer mécht fir d'Dezentraliséierung a fir datt een op de Belval misst Verwaltunge setzen, ech wëll em soen: Do gëtt et scho Verwaltungen haut.

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture*.- An et kommen der nach derbäi!

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- An et kommen der och nach derbäi.

(Interruption par M. Marc Goergen)

Jo, mee dat ass awer elo net, well Dir dat awer hei verlaangt.

(Hilarité)

Wann Der e bëssen nogelauschtert hätt, da misst Der wëssen, datt et der schonn zwou gëtt: nämlech d'Ëmweltverwaltung an d'Administration des chemins de fer. Déi sëtze schonn um Belval. Elo kënnt d'Archivgebai nach derbäi; d'Archive kommen dohinner. An et kommen eng Rei aner Saachen dohinner. Also, d'Dezentraliséierung wäert och um Belval kommen.

A selbstverständlech - da gesinn ech, den Norde mellst sech och schonn, den Här Bauler -, selbstverständlech si mer och beméit, fir natierlech an der Nordstad Saachen hin ze placéieren. Och do si mer amgaangen, nach Analysen ze maachen.

Merci, wéi gesot, fir déi breet Zoustëmmung. An ech hoffen, datt de Projet esou flott gëtt, wéi ech mengen, datt e ka ginn.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Bausch. An da ginn ech nach d'Wuert un d'Madamm Kulturministesch. Madamm Sam Tanson, wannechgelift.

► **Mme Sam Tanson**, *Ministre de la Culture*.- Ma Merci lech alleguerte fir Är zolidd Ënnerstëtzung. Et ass wichteg. Dee Projekt Kulturhauptstad 2022 hat e bësse méi tumultuéis Ufäng, wat och mat sech bréngt, dass et fir d'Ekipp natierlech net esou einfach war an ass, well do och e gewëssene Retard opzehuele war. An dat heiten ass e wichtegt Zeechen och fir si, dass se d'Ënnerstëtzung hu vum ganze Parlament, fir elo hei kënne wierklech konkret drop ze schaffen. Et ass jo schonn eng ganz grouss Viraarbecht geleescht ginn, och dank de Mataarbechter aus dem Ministère, dank dem Fonds Belval, fir dat heiten un d'Rullen ze bréngen.

Ech wollt awer nach e puer Saache soe par rapport zu deem, wat ech elo hei esou héieren hunn, notament vum Här Baum. Fir ganz prezis ze sinn, gesäit den Accord de coalition vir, dass d'Gebléishal: « Une attention particulière sera portée sur [ce] bâtiment [...] ». An dat maache mer och. Do si mer amgaangen, eis ze concertéieren.

Mir wäerten do dat Gebai sécher net ignoréieren, well et ass e wichtegt Gebai. Mee där gëtt et der nach eng ganz Rëtsch anerer, am Süden an och au-delà. Duerfir hunn ech jo d'lescht Woch déi Konventioun ënnerschriwwen mat der ASBL CNCI, déi sech fir den Industriepatrimoine wäert staarkmaachen, déi och wäert d'Vernetzung maache vun deene besteeënde Sitten, déi schonn do sinn, mee déi och als Missioun huet, neier ze erschleissen, neier ze determinéieren, déi kënne an deem dote Sënn gebraucht ginn. An ech weess, dass déi Leit, déi sech do engagéieren, och notament d'Gebléishal ganz staark um Radar hunn.

Dir hutt och nach eng Kéier ugeschwat, dass jo haut Diskussiounen gewiescht wieren an der Press. Ech mengen, Dir hutt dann och vläicht matkritt, dass e Communiqué komm ass am Laf vum ... oder am Ufank vum Nomëtte vun der Kulturhauptstad zesumme mat der Kulturfabrik, fir do kloerzestellen, dass dat net grad-esou ass, wéi dat vläicht hätt kënne kléngen. Dat heescht, do gëtt et keen Dissens.

D'Kulturfabrik ass e wichtege Bestanddeel - d'ailleurs och als „ancien site industriel“ - vun där Kulturhauptstad. A si wäerten natierlech op Projete matschaffen. An et wäert och eng zentral Plaz sinn. Fir déi, déi interesséiert sinn: Se kënne natierlech den Detail vun deem Communiqué kucken.

Just och nach eng Kéier, well jo awer heiansdo d'Fro gestallt gëtt, wou een drun ass. De Comité de lecture ass amgaangen, d'Projeten allegueren ze analyséieren. Si sinn elo scho sechs-mol zesummekomm zënter September 2019 an hu schonn 326 Dossieren evaluéiert vun deem Appel à projets, dee war. An et sinn der 265 validéiert ginn a prezisiéiert ginn, recentréiert ginn, ajustéiert ginn, kadréiert ginn - hu se mer hei geschriwwen.

Dat heescht, et ass eng ganz Sisypusarbecht, déi gemaach ginn ass. A si wäerte sech nach fënnemol gesi bis Mee 2020, fir 280 aner Pro-

jeten ze kucken, soudass dann an enger zweeter Phas och déi 55 Propositione vum CCPHVA, dat heescht vun der Groussregioun, kënne matconsideréiert ginn. Et sinn eng ganz Partie Krittären, déi sech opgestallt hunn, fir déi eenzel Projeten ze kucken, soudass dat leeft. Mee dat hei ass wichteg och fir d'Ekipp, fir déi aner méi grouss Projets d'envergure och kënne ze kucken. Notament och mat deem ganzen Digital Space, deen eng vun deenen Institutione wäert sinn, déi nohalteg no 2022 och solle fir Esch a fir d'Regioun erhalen bleiwen.

Merci fir Är grouss Zoustëmmung.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Tanson. D'Diskussioun ass ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7496. Den Text steet am Document parlementaire 7496².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7496 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmme. Duerno de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dës Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmme eestëmmegeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Laurent Mosar), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement (par M. Marc Goergen) et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

13. Interpellation de M. Paul Galles sur la pauvreté et le risque de pauvreté au Grand-Duché de Luxembourg

Dee leschte Punkt vum Ordre du jour ass d'Interpellatioun vum Här Paul Galles iwwert d'Aarmut an den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Max Hahn, d'Madamm Tess Burton, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum, den Här Marc Goergen.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Interpellatioun, den honorabelen Här Paul Galles. Här Galles, et ass un lech.

Exposé

► **M. Paul Galles** (CSV), *interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn zu Lëtzebuerg e seriöse Problem mat der Aarmut. Dofir loosst mer haut de Mëtteg schwätzen iwwer Aarmut, iwwer Aarmutsrisiko, iwwert déi betrafte Mënschen, iwwert déi einfach Leit, déi sech oft hëlleflos fillen.

„Lëtzebuerg“ an „Aarmut“, dat sinn zwee Begrëffer, déi fir vill Leit ganz schwéier mateneen ze verbanne sinn. Et ass onerwaart. An dofir gëtt et zwee gréisser Grënn. Deen éischte Grond ass deen: Vill Leit kennen de Problem einfach net oder si sech net bewosst, dass de Problem existéiert. An den zweete Grond ass deen: Wann de Problem bis bekannt ass, da gëtt en oft net seriö geholl, well Aarmut ass jo zu Lëtzebuerg e „Luxusproblem“ an dem Land geet et jo guut. Mir géifen eis op héijem Niveau bekloen an: „Si solle mol eppes schaffe goen!“, da géif dat jo scho goen. Dat héiert ee jo leider oft genuch.

Lëtzebuerg an Aarmut: een däregen Dossier.

Ech hu Folgendes mat lech an dëser Interpellatioun haut de Mëtteg vir:

An engem éischte Schrëtt wëll ech noweisen, woufir den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg esou immens seriö ass, woufir immens vill Leit betraff sinn a woufir net nëmmen de Grupp vun de Betreffene betraff ass, mee déi ganz Gesellschaft.

An engem zweete Schrëtt wëll ech e puer konkret Politikfelder erausgräifen, un deenen exemplaresch gräifbar gëtt, wéi seriö de Problem fir vill Leit ass. An ech wäert och dobäi schonn eng Rei Virschléi maachen.

An engem leschte Schrëtt wäert ech konkret Iddie proposéieren, wéi mer dat Gantz am grouse Ganze kënne upaken.

Éier ech an d'Theema erakommen, wëll ech nach séier e puer Leit Merci soen: all deenen, déi a leschter Zäit d'Theema Aarmut op den Ordre du jour hei bruecht hunn. Well et goufe jo schonn eng Rei Interpellatiounen, Debaten a Gesetzer an dësem Raum zu spezifischen Theemen an Erscheinungsforme vun Aarmut, déi ech nogelies hunn an déi beweisen, dass d'Theema der vill vun eis beschäftegt. An dat ass och mäi Wonsch, deen ech haut am Nomëtteg hei mat dëser Interpellatioun verbannen, dass mer zesummen deliberéieren, nodenken iwwert de Big Picture, iwwert déi grouss Fro vun Aarmut, déi am Hannergrond vun all deene méi konkrete Froen vun Aarmut steet.

Ech wëll och mengem Kolleeg Marc Spautz Merci soen, dee mech vill bei dësem Theema encouragéiert huet, well dëst Theema der DNA vun eiser Partei an eiser Fraktioun entsprécht. A menger Fraktiounspräsidentin, dem Martine Hansen, déi mat hirem Usaz vum Well-Being de Kader fir eng nei Vue op eis Gesellschaft, op Gerechtegkeet an Egalitéit, een Usaz gemaach huet, deen och de Serge Wilmes a senger Interpellatioun iwwert de PIB du bien-être opgegraff huet an deen och de Rapporteur vum Budget, den Yves Cruchten, nach eng Kéier thematiséiert huet, dee sech iwwregens och ganz staark a konsequent mam Theema Aarmutsrisiko an Inegalitéite beschäftegt huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat ass Aarmut? A woufir gëtt et se zu Lëtzebuerg? A wéi seriö ass se da wierklech?

Dat Éischt, wat ee muss soen: Aarmut ass multidimensionell. Wa mer haut den Nomëtteg hei iwwert den Aarmutsrisiko zu Lëtzebuerg schwätzen, da menge mer natierlech, an zu Recht, virun allem déi materiell, finanziell a pekuniär Aarmut. Mee dës Erscheinungsform vun Aarmut ass systeemesch oft verbonne mat anere Forme vun Aarmut. Da schwätzt ee vu kultureller, psychologescher oder mënschlecher Aarmut, vun der Ònfäegkeet, säi Liewen ze meescheren, seng Fräiheet ze gestalten, un der Gesellschaft deelzehuelen, seng Gesondheet ze schützen. Da schwätzt een och vun Exklusivitioun an dovun, dass oft déi verschidde Forme vun Aarmut sech „verierwen“.

Aarmut ass eng Fro, déi eis alleguerte beschäftegt. Dat ass dat Zweet. Dat ass eng Fro vun der ganzen Gesellschaft - an dat ass zwee Grënn -, net nëmme vun e puer Betreffener, déi mer vläicht guer net kennen oder wéineg begéinen, mee et gëtt ëmmer méi eng Fro vun der ganzen Gesellschaft, vum gesamtgesellschaftlechen Zesummenhalt, vun der Kohäsioun, vun der Stëmmung am Land an der Stëmmung tëschent de Leit.

Den éischte Grond ass deen heiten: Wat de Prozentsaz vum Aarmutsrisiko, deen am Moment bei 18,3 % läit, méi héich gëtt - an dat gëtt en an der Puerjoreskurv déi ganzen Zäit: 2003 louch e bei 11,9 %, 2011 bei 13,6 %, während en a villen anere Länner zrëckgeet - a wou souguer eis Kanner an Enkelkanner sech hei zu Lëtzebuerg kee Logement méi kënne leeschten, da klapp d'Fro vum Aarmutsrisiko a senger éischer Erscheinungsform lues awer sécher och un eis eegen Dieren. Mir mierken: Iergendeppes stëmmt hei an dëser Gesellschaft net méi. An iergendwéi ass elo déi ganz Gesellschaft betraff.

An en zweete Grond, woufir d'Fro vum Aarmutsrisiko déi ganz Gesellschaft betrëfft, ass de Grond vun den Inegalitéiten, vun de méigleche Spannungen a vum Drock, deen op d'Gesellschaft ausgeübt gëtt. Eng Etüd vum internationale Wärungsfong vum Januar 2018 huet gewisen, wéi vill d'Inegalitéiten d'Produktivitéit vun engem Land belastschen a reduzéieren.

An do derzou gehéieren awer och nach aner Geforen, zum Beispill déi vun de sozialen Onrouen à la Diskriminatioun, Virurteeler oder méiglechem Rassismus. Wéi oft hunn ech mer a mengem Asaz fir d'Working Poor missen unhéieren, dat wären dach alleguerte faul Mënschen!

Nee, 93 % vun deenen, déi de Complément REVIS kréien, gi scho schaffen, si schonn aktivéiert, sinn net faul! D'Gefor vun de Virurteeler gëtt ëmmer méi grouss, wat den Aarmutsrisiko méi grouss gëtt.

Aarmut ass ee Barometer fir den Zoustand vun engem System a vun enger ganzer Gesellschaft, oder, wéi de Kolleeg Marc Baum et an der Heure d'actualité iwwert d'Jugendaarmut, ugefrot vun der grénger Fraktioun, gesot hat, „eng Fotografie vun der sozialer an ökonomescher Situatioun hei am Land“.

A wann dat stëmmt, da musse mer zum Schluss och e klengt Wuert zum System verléieren. Mee elo ass awer de politeschen Usaz scho kloer: Wie sech als Éischt ëm déi Schwächst këmmert, dee mécht eng wierklech staark Politik, an zwar fir eis all.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Paul Galles** (CSV), *interpellateur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi seriö ass dann elo also den Aarmutproblem zu Lëtzebuerg, deen dann Auswirkungen op déi ganz Gesellschaft huet? Den opmierksamen Observateur vun der Lëtzeburger Zeeen huet gemierkt, dass an deene leschte Méint eng Diskussioun ugefaangen huet iwwert déi „richteg“ Indicateuren, fir Aarmut ze moossen.

Ech weess, dass den Indicateur vum Aarmutsrisiko staark ëmstridden ass, dee fir d'Joer 2017 bei erschreckenden 18,7 % louch a fir d'Joer 2018 bei 18,3 %. De Statec schwätzt vun enger statistescher Stabilitéit. An erklärt emol iergendengem dobaussen, dat räicht klengt Lëtzebuerg hätt en Aarmutsrisiko vun 18,3 %. An trotzdeem, oder grad dofir, ass et deen Indicateur, vun deem mer, esou mengen ech, mussen onbedéngt ausgoen.

Erlaabt mer dofir ganz kuerz dräi illustrativ Erklärungen zu dësem Indicateur, fir dass et kloer ass, wat en ausseet a wat mer eigentlech domat mengen, a wat net, a fir ze verstoen, dass et eng Katastroph ass, dass en esou héich ass.

Déi éischt Erklärung: Den Aarmutsrisiko gëtt berechent als 60 % vum Medianakommes a läit hei bei ronn 2.000 Euro pro Mount. Wéi awer rechent een d'Medianakommes? Dat huet näischt, awer och guer näischt mat enger Moyenne ze dinn.

Plastesch kann ee sech dat esou virstellen: All déi, déi gerecht ginn, ginn an eng Rei gestallt, vun där enger Säit - soe mer emol lénks - mat deenen, déi dat héchst Akommes hunn, bis op déi aner Säit - soe mer emol riets - mat deenen, déi dat niddregst Akommes hunn. D'Medianakommes ass d'Akommes vun deem, dee genau an der Mëtt steet. Wann also duerch extreem héich Léin op där enger Säit d'Moyenne géif dramatesch an d'Luucht goen, bleift beim Medianakommes alles hoergena d'selwecht.

Déi, déi behaupten, d'Medianakommes zu Lëtzebuerg an domadder och de Seuil vum Aarmutsrisiko, nämlech 60 % vum Medianakommes, wären zu Lëtzebuerg esou onverhältnisméisseg héich, well et esou vill onverhältnisméisseg héicht Akommes géif ginn, hunn näischt dovun verstanen. Si schwätze vun der Moyenne, awer net vum Median. An iwwregens, déi 18,3 % Aarmutsrisiko bedeuten an absoluten Zuele ronn 106.000 Mënschen! 106.000 Leit zu Lëtzebuerg am Aarmutsrisiko!

Reng mathematesch gesinn - dat ass elo reng mathematesch - ass d'Léisung vum Aarmutsrisiko eigentlech ganz einfach: Dës 18,3 % musse méi wéi 60 % vum Medianakommes kréien, ouni dass se méi hätte wéi d'Medianakommes. Da wäre se nach ëmmer op der rietser Säit, mee net méi ënnert de 60 % Medianakommes. Oder anescht ausgedréckt: Oh Wunder, mir hätten 0 % Aarmutsrisiko! Iergendwéi misst dat dach ze packe sinn oder zumindest eng Stoussrichtung sinn, an déi mer kéinten denken.

Interessant ass och, wann ee kucke geet, wou dann déi Leit leien, déi manner wéi déi 60 % hunn; also déi am Aarmutsrisiko sinn. Den Indicateur vum „écart relatif moyen“ - deem seng Erklärung ech lech elo hei erspueren - seet aus, dass d'Hallschent vun deenen Aarmen iwwer 75 % vum Seuil vum Aarmutsrisiko hunn, also méi wéi ronn 1.500 Euro. Déi aner Hallschent, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, huet manner. A wuel gemierkt: Mir schwätze vun 18,3 % no alle Sozialtransferten a Pensiounen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt lech nach zwou weider kleng Illustratiounen mat op de Wee ginn, fir méi däitlech ze maachen, wovun mer beim Indicateur vum Aarmutsrisiko wierklech schwätzen.

Ee Kenner vun der Matière huet et follgendermoosse beschriwwen: „Et ass, wéi wann ee mat engem Auto mat véier ofgenotzte Pneuen op der Autobunn mat 130 Richtung“, soe mer mol „Esch“, well mer Esch haut den Nomëtteg